pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz :2024.61657.LEAL.SECR. Péiteng, den 25. Juni 2024

**Betreff: Är Froe vum 25. Mee 2024**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Alexandra Leick - Tel. : 50 12 51 – 3030)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 24. Mee 2024, deen der Gemengeverwaltung per Email den 25. Mee 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froe :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Aktuell (24ten Mee. 2024) ass déi al Schoul zu Rolleng ze verkafen.*
*Dëst Gebai wollt de Schäfferot ënnert der Leedung vun der CSV scho viru Joren erwerben.*

*Ee Stéck Geschicht vun der Gemeng Péiteng a besonnesch fir d'Rollenger Bierger.*

*D'Gemeng Péiteng kéint dësem Gebai nees a neit Liewen anhauchen an et fir de sozio- kulturell Plang, de Veräiner a de MatbiergerInnen zur Verfügung stellen.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

*1. Kéint sech de Schäfferot sech virstellen dëst Gebai ze kafen?*

*2. Falls de Schäfferot net der Meenung ass fir dëst d'Gebai ze kafen, wat wär d'Argumentatioun?*

*3. Ass et richteg dat de Schäfferot an de virrechente legislative Perioden interesséiert war fir dëst Gebailechkeet ze erwerben?*

*Mat Respekt,*
*Chris Bernard*
*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

Här Bernard,

D'Haus gouf der Gemeng den 1. Mäerz 2024 vun der Famill Deville zum Kaf ugebueden.

An der Vergaangenheet war effektiv Riets d'Haus ze kafen fir en Besucherzentrum a klenge Musée a Relatioun mam Tëtelbierg ze bauen. De Schäfferot huet an senger Sëtzung vum 24. Abrëll 2024 décidéiert d'Haus net ze kafen mat der Begrënnung dat de Projet vum Besucherzentrum am fréieren Rollénger Presbytère aménagéiert gouf, d'Geschichtshaus "An der Uecht", sou dat d'Gemeng, stand haut, keen Gebrauch vum Haus ka maachen.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118